PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/03/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

An der Kommissiounssëtzung vum 25te Februar 2021 gouf den Dossier vun der SuperDreckskëscht (SDK) ënnert d'Lupp geholl. Et bleiwen awer, och no dëser Sëtzung, verschiddenen onkloer Aspekter an dësem Dossier.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch ausschléissen, dass de Bénéficiaire effectif vun der Firma *Oeko - Service - Luxembourg S.A.* (OSL), déi d'Aktioun SuperDreckskëscht am Kader vum Konzessiounsvertrag exploitéiert, sech finanziell Virdeeler aus der Exploitatioun vun der SDK erwirtschaft huet, notamment duerch de Gebrauch vun anere Gesellschaften, déi dem nämmlechte Bénéficiaire effectif gehéieren?

2. Kann d'Ministesch an deem Sënn och ausschléissen, dass aner Firmen an der Hand vum Bénéficiaire effectif der Firma OSL systematesch hier Servicer iwwert deenen übleche Maartpräisser facturéiert huet?

3. Waren der Ministesch, virum Ënnerschreiwe vum Konzessiounsvertrag, déi frëndschaftlech d'Relatiounen tëscht dem Bénéficiaire effectif vun OSL an dem Direkter vun der Ëmweltverwaltung bekannt?

4. Wéi eng Organisatioune gehéieren dem Franchisesystem vun der SDK un, a wéi vill Ëmsaz gouf duerch de Franchisesystem an de leschte Jore gemaach, opgelëscht no Joer an no Firma?

5. Wéi gëtt de Franchise-Beitrag genau berechent? Falls et sech ëm eng Kommissioun handelt, wéi vill muss de Franchisenehmer vu sengem Ëmsaz ofginn?

6. Wéi vill vun deene Firmen, déi Franchisenehmer vu SDK sinn, hunn den nämmlechte Bénéficiaire effectif wéi OSL?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député